ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Landwirtschaftminister weiderzeleeden.

Zu dëser Joreszäit ginn an der Landwirtschaft massiv Wise geméit. Dobäi kënnt et ëmmer nees zu ganz trauregen Zeenen, wou Réikitzen den Traktere mat de Méimaschinnen zum Affer falen. Rezent ass et et am Raum Jonglënster zu sou engem dramateschen Tëschefall komm wou gläich 8 Réikitze reegelrecht zerrappt gi sinn. E puer waren direkt dout, anerer déi trotz ofgetrennte Glidder nach gelieft hunn, hu misse vu Jeeër erléist ginn. An Däitschland ass et esou datt de Bauer dem betraffene Juegdpäschter Bescheed muss soen, éier en eng Wiss mam Trakter méit. Hei zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall. Däi däitsch Regierung stellt dann der Jeeërschaft esouguer 3 Milliounen Euro zur Dispositioun fir Drone mat Wärmekameraen anzesetze fir de Baueren d'Kitze mellen ze kënnen

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech datt et hei zu Lëtzebuerg keng kloer Reegele gëtt fir ze verhënneren datt all Joer honnerte Kitzen op des grausam Aart a Weis stierwe mussen?
2. Ass et vun der Naturverwaltung villäicht esouguer gewollt fir an dëser Saach keng Reegelen anzeféieren, dat mam Argument datt et souwisou schonn eng Iwwerpopulatioun vun de Réi gëtt?
3. Vill Baueren a Jeeër am Land ass d'Problematik bekannt, déi schaffen och schonn zesummen, an hunn sech Wärmebildkameraen ugeschaaft fir, virum Méinen, mat Dronen iwwer d'Wisen ze fléien. Missten dofir fir Leit déi des, fir Kitze liewensrettend Mesuren, scho praktizéieren, direkt finanziell Hëllefe gëllen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen

Deputéierten